

Méi Eewäiss-Fudder op de Lëtzebuenger Felder



Aus dem RTL-Reportage zu der Entrevue vun de Verrieder vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer an der Chamberkommissioun fir Landwirtschaft, Wäibau an Entwécklung vum ländleche Raum, den 20. Juni 2012:

70 % vun den Eewäiss-Fudderemittel, déi an der Europäescher Unioun a Bauerebetriber verfiddert ginn, mussen importéiert ginn. Dat mécht 26 Milliounen Tonnen d'Joer aus. Et geet virun allem ëm den importéierte Soja. Fir deen unzabauen an d'Produktioun däermossen héichzeschrauwen, gi beispillsweis a Brasilien Milliounen Hektar Reebëscher zerstéiert.

D'Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer sinn sech deem Problem bewosst an hunn hir Iddien, fir méi Eewäiss-Fudder op Lëtzebuenger Felder unzabauen der Agrarkommissioun vun der Chamber presentéiert.

De Roy Grotz: „Ofhängegkeete vu Protéinplanzen zréckschrauwen, fir d'Resourcen an de Klima ze protegéieren – dat andeems och hei am Land méi sougenannt Leguminosen, also Fudderemittel mat engem héigen Taux un Eewäiss ugeplant ginn, dat wëllen d'Jongbaueren erreechen. Ee vun de Stéchwieder ass de Greening – esou wéi vun der EU-Kommissioun vun 2015 u propagéiert gëtt – a wou et ëm ekologesch Virrangfläche geet.“

Den neie President vun de LJB&JW, Jeff Boonen: „ ... Do ass eng Kéier de Greening, deen usteet, wou vun der EU-Kommissioun gefuerdert gëtt, datt mer vun 2015 un, verschidde Flächen ekologesch notzen. Do kënnst een deemno Eewäiss-Planzen ubauen. Dat erspuert CO₂, huet ee Klimaschutzfaktor an ass ekologesch. Och hu mir Pisten, wéi een d'Düngeveruerdung, déi zu Lëtzebuerg usteet, änneren kann. Dat ass alles ganz technesch - mee mir mengen, datt d'Ännerung vun der Düngeveruerdung ee groussen Impakt huet. An de Betriber gëtt gerechent, do kënnst et op dee leschte Frang un – an dofir sinn déi Saache schwéier ze verännern. Mee mir haten ee gudden Austausch ...“

Gehéier hunn d'Jongbaueren duerchaus an der Agrarkommissioun vun der Chamber fonnt. Och de President Roger Negri ka sech virstellen, datt en Ëmdenken an der Landwirtschaft muss kommen, woubäi och d'Reglementatioun iwwert d'Düngen misst viséiert ginn.

De President Roger Negri: „ ... Wou mir hei zu Lëtzebuerg op de Wee kënnen goen, fir eis eege Produktioun ze maachen, wéi Soja, Kléi asw., wat vun de Jongbaueren proposéiert ginn ass. Mir fannen dat immens flott, well mir do quasi a Richtung vun de Biobauere ginn – wou hei dann nach eng Tëschenetapp ass. De Wee ass fräi. Mir ënnerstëtzen d'Jongbaueren absolut an där Initiativ...“

Fir datt de Baueren d'Wichtigkeet vum Thema vun den Eewäisshaltege Fudderplanzen méi no bruecht gëtt, gëtt eng speziell Berodung gefuerdert. Conseilen iwwer d'Zorten vum Ubau, grad ewéi dem Erschléissen vu laangfristeg grunge Flächen.